adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Abrëll 2020

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madame Justizminister weiderzeleeden.

An engem Bréif vum 1. Abrëll 2020 huet d'Associatioun „Fathers against discrimination" d'Deputéierten op e Bréif opmierksam gemaach, deen e Familljeriichter un eng Rei vun Affekote geschéckt hätt, an deem een dëse Passage kéint liesen:

> *„Il est impérieux pour les parents de faire de l'auto-inspection sur la santé psychique de leurs enfants et sur leur disponibilité pour les garder personnellement : on n'est pas un mauvais parent si on admet que l'autre est la première personne de référence d'un enfant, respectivement plus à même de sécuriser l'enfant (...)*
> *Si les parties ne trouvent pas une solution l'enfant doit selon moi être remis au parent auprès duquel se trouve la résidence habituelle, le second parent étant dédommagé une fois que nous aurons tous retrouvé la normalité. Par ailleurs, les contacts Facetime ou similaire sont impérieux."*

Dëse Bréif géing elo vu verschiddenen Affekoten an Eltere benotzt ginn, fir den Exercice vum Besuchs- a Wunnrecht (Droit de visite et d'hébergement), esou wéi en duerch justiziell Decisiounen oder tëschent de Parteie festgeluecht gouf, net méi ze befollegen. Dëst wär en Agréff an d'Rechter vum Kand op säi Familljeliewen. Déi Formulatioun „une fois que nous aurons tous retrouvé la normalité" ass och net kloer, well och nom formelle Krisenzoustand nach net ka mat Sécherheet gesot ginn, wéi déi medezinesch Situatioun evoluéiert.

Et sief och nach ënnerstrach, datt d'Regierung am *„Règlement grand-ducal du 20 mars 2020 portant modification du règlement grand-ducal du 18 mars 2020 portant introduction d'une série de mesures dans le cadre de la lutte contre le Covid-19"* folgend Dispositioun geholl huet :

> *„Art. 1er.*
> *L'article 1 du règlement grand-ducal du 18 mars 2020 portant introduction d'une série de mesures dans le cadre de la lutte contre le Covid-19, désigné ci-après « le règlement », est modifié comme suit : 1° Entre le neuvième et le dixième tiret, il est inséré un nouveau tiret rédigé comme suit :*

« - déplacement nécessaire à l'exercice du droit de visite et d'hébergement ainsi qu'à l'exercice des résidences alternées, tels que fixés suivant accord entre les parties ou par décision de justice, » [...]"

An deem Zesummenhang wéilte mir der Madame Justizminister gär folgend Froe stellen:

1. Kann d'Madame Minister d'Existenz vun esou engem Bréif confirméieren?
2. Wa jo, wéi beurteelt d'Madame Minister dës Demarche vun engem Riichter
   - prozedural;
   - am Hibléck op de Respekt viru justiziellen Decisiounen;
   - am Hibléck op d'Rechter vum Kand op Ëmgang mat sengen zwee Elteren;
   - am Hibléck op d'Rechter vun deem Elterendeel, deem säi Besuchsrecht elo eventuell net méi respektéiert gëtt;
   - am Hibléck op den Artikel 1 vum Règlement grand-ducal vum 20. Mäerz 2020?
3. Wat wëll d'Regierung ënnerhuelen, fir sécherzestellen, datt och an där aktueller Situatioun, den „Droit de visite et d'hébergement" a ganzem Ëmfang respektéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

Fernand Kartheiser
Deputéierten